

Du kanns
weisen, dass du
averstan bass,
andeems du
z.B. e Kräiz bei
e Sproch mäss.

**ECH HU MECH
ENTSCHËLLEGT.**

**ECH HUNN NET
MATGEMAACH.**

**ECH HU MECH
INFORMÉIERT.**

**ECH HU
MATGEMAACH.**

**ECH HUNN
ANERER
RESPEKTÉIERT.**

**ECH HU
WIDDERSPRACH.**

**ECH HU FROE
GESTALLT AN
NOGEDUECHT.**

**ECH HU
GEWIELT.**

**ECH HUNN
ENGEM
GEHOLLEF.**

Wat hunn ech an der Lescht fir d'Demokratie gemaach?

NÄISCHT.

**ECH WAR
FRIDDLËCH.**

**ECH HUNN NO-
GELAUSCHTERT A
PROBÉIERT ZE
VERSTOEN.**

**ECH HUNN
E PROBLEM
GEMELLT.**

**ECH HUNN
ENG NEI IDDI
GEÄUSSERT.**

**ECH HU
VERANTWORTUNG
IWWERHOLL.**

**ECH HU MÉNG
FRËND:INNEN ODER
MENG FAMILL
ËNNERSTËTZT.**

**ECH HU
PROTESTÉIERT.**

**ECH HU MECH
GÉINT
DISKRIMINÉIERUNG
GEWIERT.**

*Demokratie leeft dank dengem
Engagement - bei Walen,
a Veräiner... Lee lass!*

zpb
Fondatioun Zentrum
fir politesch Bildung

Nodrock an enger liicht ofgewandelter Form
mat frëndlécher Erlaabnis vun

**JoD
DID**
John Dewey
Forschungsstelle
für die Didaktik
der Demokratie



Wat hunn ech an der Lescht fir d'Demokratie gemach?

DE / EN / FR / LU

Quick Start

Jugendlecher an Erwuessener gi motivéiert, iwwert hiert eegent Handelen nozedenken an entdecken, wou Demokratie am Alldag virkënt. Si bilden an äusseren hir Meenung an erkennen, wou si Verantwortung fir en demokratescht Zesummeliewe kënnen iwwerhuelen.

De Poster kann am Lycée, an der Erwuessebildung (z. B. Sproochecoursen) an an der non-formaler Bildung (z. B. Jugendhaus) agesat ginn.

Sou geet et:

Option 1: Schnelllofstëmmung

Fuerdert d'Grupp op, Sticker op déi Aktiounen ze pechen, déi si schonn emol gemaach hunn. Sicht duerno zesumme Beispiller fir déi eenzel Aussoen.

Méiglech Diskussiounsfroen:

- Wat huet iech iwwerrascht?
- Wat mengt dir, hunn dës Aussoe mat Politik oder Demokratie ze dinn?
- Ginn et Aussoen, déi dir méi wichteg fannt wéi anerer?

Option 2 : „Dës Woch maachen ech...“

All Persoun sicht sech eng Aktioun vum Poster eraus, déi si nach net gemaach huet. Schwätzt zesummen iwwert déi verschidden Aktiounen. Alternativ kann eng Fotoausstellung oder e Video dozou entstoën, deen online oder analog verbreet ka ginn.

